# Manner Luuchten
## méi Stären & méi Liewen

Duerch Liichtverschmotzung verléiere mir eisen däischteren Nuetshimmel. Vill Leit hunn d'Mëllechstrooss nach ni mat bloussem A gesinn...

**85%** vum gesamten EU-Gebitt sinn an der Nuecht kënschtlech beliicht.

## Firwat ass dat e Problem?

Planzen an Déieren hu sech wärend Millioune Joeren an engem natierleche Rhythmus tëscht hellen Deeg an däischteren Nuechte entwéckelt.

### Zirkadiane Rhythmus

### Hell Nuechten?

Eis kënschtlech Beliichtung huet sech sou séier verbreet, datt d'Natur & de Mënsch keng Zäit hate fir sech unzepassen!

### Déieren a Planzen

Kënschtlech Beliichtung stéiert de Liewens-zyklus vu ville Liewewiesen déi nuetsaktiv sinn.

- Joen a sech fidderen gëtt méi schwéier, d'Orientéierung an d'Paargewunnechte gi gestéiert...
- 1/3 vun allen Insekten, déi nuets vu Luuchten ugezu ginn, stierwen.
- Och dagesaktiv Déiere sinn op eemol nuets ënnerwee amplaz ze schlofen.
- Hell Nuechte kënnen d'Wuesstumsperiode vu ville Planzen an der Zäit verschiben.

### Eis Gesondheet

Nuetsbeliichtung bréngt eisen zirkadiane Rhythmus duercherneen - zumols kuerzwelleg Luucht ("blo Luucht")! Dat kann zu Schlofmangel, Häerzproblemer, Depressiounen a verschidde Kriibse féieren.

### Energie-Verschwendung

## Wat kann ee besser maachen?

### Nuetsbeliichtung nëmmen do wou et néideg ass & wa se gebraucht gëtt

- Beweegungsmelder & Zäitschaltaueren asetzen.
- Musse Vitrinnen, Fassaden, Beem am Gaart ... beliicht ginn?

### D'Stäerkt vun der Beliichtung reduzéieren

Eis A kënne sech ganz gutt un déif Luucht-Intensitéiten upassen.

### Beliichtung no uewen aschränken

Onbenotzt Liicht, dat no uewe gericht ass, dréit zu onnéideger Liichtverschmotzung bäi a perturbéiert eis Fliedermais, Insekten ...

### Déif Faarftemperature benotzen ("waarm Luucht", ⩽ 3000 Kelvin)

Wéi ass et mat **LED-Luuchten**?

- **Positiv**: ↗ Liewensdauer & Energieeffizienz (am Verglach mat den 'ale' Generatioune vu Luuchten).
- Mee **opgepasst**: LED-Wellelängte leie gréisstendeels am bloe Beräich, deen am meeschten zur Liichtverschmotzung bäidréit an eisen zirkadiane Rhythmus perturbéiert.

  → **Dofir**: Wielt Luuchten déi ⩽ 3000 Kelvin hunn.

### Beliichtung vu Vegetatioun a Gewässer vermeiden...

... an esou d'Liewewiese schützen!


Editeur:
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu
EbL

Partner:
Naturpark Our

OUR Naturpark
NiGHT Light & More
KlimaPakt – European Energy Award – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
Gemeng Kielen